

Et gött kee Wee zeréck!

Wann d'Ausländerwalrecht géif an d'Verfassung stoe kommen, dawärd'est definitive Schrack, dee Lëtzebuerg ni méi kéint réckgäנגeg maachen. Dëst, egal wéi d'Aktualitéit an der Welt an d'Zesummeliewen an Europa an heiheim sech entwéckelen.

D'Ännere vun der Verfassung ass keen einfache Schrack. Et sinn dofir, am Artikel 114 vun der Verfassung, strikt Prozedure festgeluecht. D'Constitution ass dat wichtegst Gesetz, dat mer hunn. Dofir kann net esou liicht, mat einfacher Majoritéit an der Chamber, dru gefréckelt ginn. Viraussetzung fir ALL Ännerung un der Verfassung ass e breede politesche Konsens an der Chamber, an zwar eng zwee Drëttel Majoritéit!

De Referendum vum 7. Juni ass KEEN Deel vun där Prozedur. D'Dräierkoalitioun DP - LSAP - Déi Gréng probéiert ze

tricksen, wëll se an der Chamber wäit vun enger zwee Drëttel Majoritéit ewech ass.

Potentiell 105.000
auslännesch Wieler fir
d'Chamber 2018!



... huet de Picky beim Statec nogelies

Fir d'ADR ass et wichtig, datt all Lëtzebuenger e Sonndeg sech de Konsequenze vu senge Kräizer voll bewusst ass.

Wann d'Verfassung, an der Fro vum Ausländerwalrecht, géif

am Sënn vum „Jo“ geännert ginn, da wär de 7. Juni déi leschte Kéier wou d'Lëtzebuenger eleng iwwer hier Zukunft entscheeden. Duerno géifen net nëmme méi d'Lëtzebuenger ofstëmme, mä och déi Ausländer, déi dann d'Walrecht hunn. Dat sinn haut schonn 35.000 Wieler, dëst sinn der méi wéi et haut Wieler an der Stad Lëtzebuerg gött.

Bis zu deenen nächste Parlamentswalen, esou huet de Statec ausgerechent, kéinten et der awer schonn bis zu 105.000 sinn. Da wär all drëtte Wieler en Ausländer. A wann de Wuesstem zu Lëtzebuerg esou weider geet, kann een sech liicht ausrechnen, datt d'Lëtzebuenger an Zukunft net nëmme eng Minoritéit vun den Awunner, mä och nach eng Minoritéit vun de Wieler duerstellen.

An d'Zukunft géifen dann niewent de Lëtzebuenger zéngtausende vun Ausländer

iwwert weider Verfassungs-ännerunge mat ofstëmme, och iwwert ons Staatsform (Monarchie), ons Institutionen, ons offiziell an administrativ Sproochen, ons Abannung an Europa a villes méi.

Wann et kee Schrack méi zeréck gött, ass all Schrack risegrouss. A nom éische Schrack si jo schonn weider Schrëtt geplangt, bis hinn, dat d'Ausländer sech kënnen opsetzen fir an d'Chamber. Mir hunn dofir kee Recht, eis ze iren.

Léif Lëtzebuengerinnen a Lëtzebuenger,

mam „Nee“ stemmt Dir net géint d'Ausländer, déi hei wunnen. Mam „Nee“ stemmt Dir FIR eist Recht, als eegestänneg Natioun kënnen virun ze bestoen, fir dat Recht, dat och all aner Natioun op der Welt fir sech an Usproch hält.

De Lëtzebuenger kritt näischt ewech geholl? Dach!

Béi de „Jo-Soerten“ heescht et, d'Lëtzebuenger géingen näischt ewech geholl kréien. Dëst stëmmt net! D'Lëtzebuenger kréien d'Recht geholl, als Natioun eleng iwwer hier Zukunft, hiert Land an iwwer d'Regele vum Zesummeliewen ze decidéieren.

Bei engem „Jo“ verléieren

d'Lëtzebuenger en zentralen Deel vun hirer Souveränitéit, an därfe net méi eleng iwwert d'Zesummesetzung vum der Chamber bestëmmen.

Et gött gesot, d'Ausländerwalrecht wär nëmme eng éischt Etapp. Dat stëmmt! D'Restriktiounen, déi den Aus-

länder operluecht ginn, fir därfe fir d'Chamber ze wielen, wäerte lues a lues opgehewe ginn.

E logesche Schratt wär och, datt all déi, déi wielen därfe och därfe gewielt ginn (passiivt Walrecht). Dann därfe déi auslännesch Matbierger och fir d'Chamber op d'Kandidatelëschten.

Kréie mir näischt ewech geholl? Mam Ausländerwalrecht wier Lëtzebuerg net méi dat Land, dat sech déi meeschte Lëtzebuenger wënschen. Mir stëmme mat eisem „Nee“ géint keen, dofir awer fir eist Recht als eegestänneg Natioun an Europa kënnen virun ze bestoen.



Joëlle Giannotte ép. Ostertag
ADR Parteisekretärin
Gebierteg Italienerin

„Ech si grouss gi mat der italienescher Kichen a virun allem mat deem Temperament. Et ass sécherlech mäin lerwen an ech wäert dëst och an Éieren halen. Well ech hei gebuer an hei an d'Schoul gaangen sinn, wollt ech Lëtzebuengerin ginn. E groussen Deel vu menger Famill wunnt hei. An ech hu bal mäi ganzt Liewen hei am Land verbruecht. Als Lëtzebuengerin hunn ech mech och scho fréi fir d'Politik interesséiert a sinn aktive Member an der ADR an an der ADRenalin.“

www.adr.lu

